ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 04/09/2024

# Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

## Sëtzung vum 15 Juli 2024

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Pascale BERNA<br>Rosie BRANDENBURGER<br>Yolande EVERAD-GRAFF<br>Sylvie GIERES-DEITZ<br>Carlo KOEPP (Sekretär)<br>Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)<br>Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)<br>Seth RUEF<br>Lydie RUPPERT<br>Suzanne WEIS-COLLÉ | Stefanie BLOCK (entschëllegt) | |

## Dagesuerdnung

*Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst*

1. Begréissung, Presenzeléscht
2. Rapport vum 16 Abréll
3. Stellungnamen, Ufroen aus der Gemeng
4. Kaffistuff
5. Éischt Konferenz iwwert d' Fleegeversécherung
6. Ausfluch mat der Marie-Astrid den 11 Juli
7. Fréijoer' s Sortie
8. Chrëschtfeier dëst Joer
9. Divers a nächst Dagesuerdnung

## Punkt 1 : Begréissung, Presenzeléscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen gegréisst. 10 Memberen waren präsent, 1 hat sech entschëllegt.

## Punkt 2 : Rapport vum 16 Abrëll

De Rapport vum 3 Juni 2024 gouf eestëmmeg approuvéiert.

## Punkt 3 : Stellungnamen aus der Gemeng

Néant

## Punkt 4 : Kaffistuff

Zesummen mam Claude Mathekowitsch vun der Amiperas si mir eis eens, fir an Zukunft eng Kaffistuff z' organiséieren. Dëst a de Raimlechkeeten vun der Amiperas an der aler Schoul vu Béiwen. Mir notzen duerfir de 2te Sall deen Gemeng der Amiperas zur Verfügung gestallt huet. De viraussichtlechen <u>1ten Termin, proufweis, fir fréistens am November, den 7ten oder den 21ten, dëst Joer.</u>

| Mir brauchen awer nach den definitiven Accord vum Schäfferot! |
|---|

Et bléiwen awer bis dohinner nach e puer Froen ze klären:

- Wat gesi mir fir vun Erfrëschungen, z.B Kaffi, Kuch oder selwer Gebakenes, Jus a Waasser?
- Wéi decke mir eventuell Fraisen déi ufalen?

- Wat bidden mir un als Déngschter an Aktivitéiten?

  Follgend Iddien gouf genannt:

  - Bingo, Quiz, Kaarten Spiller, ofwiesselnd!
  - Eventuell Berodung am Administrativen a Fräizäit Beräich
  - E Bicher an Zeitung - Dësch
  - Heiansdo eng Liesung
  - Rätselen a Bastelen
  - Erfarungsaustausch, z.B Gaart, Reesen,......

- D' Invitatiounen soll wa méiglech vun der Gemeng erstallt a verschéckt ginn
- A sollt eng Navette organiséiert ginn?

## Punkt 5 : Summerausfluch mat der Marie-Astrid

Den Summerausfluch war e volle Succès. Et waren immens vill Leit matgaangen an mir kruten just positiv Feedbacken. Dowéinst freeë mir eis op den Termin nächst Joer, dee mir elo scho mol den 10 Juli 2025 virgesinn.  E grousse Merci.

Mir mussen da klären op sech d' Gemeng aleng oder zesummen mat der Kommissioun doröms këmmere wëllt

## Punkt 6 : Éischt Konferenz iwwert d' Fleegeversécherung

Mam Accord vun der Gemeng gouf den Termin fir den 24 Oktober um 16 Auer an der Koll zu Brouch festgeluecht.

Mir géifen eis freeën wann Gemeng no der Konferenz e Patt géif spendéieren.

D' Invitatiounen mussen nach erstallt a verschéckt ginn. Am beschten iwwer Flyer, zousätzlech ass och de Buet méiglech oder d' Gemengen App um Smartphone.

## Punkt 7 : Fréijor' s Sortie

Dëst Joer haten mir näischt virgesinn! Dofir wëlle mir dat 2025 am Fréijoer nohuelen. Eis Präferenz geet a Richtung vum **Kinoler** an dëst tëschent Mäerz an Abrëll, virun Ouschteren. Doropshin goufen schonn verschidden Filmer opgezielt, ënner Anerem:

- Le club des chômeurs oder den Troublemaker
- Garfield
- Den honnertjäregen deen aus dem Fënster klëmmt...
- Balloon, Flucht aus der DDR

## Punkt 8 : Chrëschtfeier dëst Joer

Zesummen mat der Gemeng wollte mir erëm eng Chrëschtfeier organiséieren. De Lëtschert zu Béiwen ass schonn fir den 7 Dezember reservéiert. E Kaddo a Musek Begleedung muss nach definéiert ginn. Fir d' Musek kéimen a Fro:

- De Jos Schartz, eventuell Nobbi Dixie Band
- Nico Haupert a Madame
-

## Punkt 9 : Divers a nächst Dagesuerdnung

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Kaffi Stuff
- Preparatioun Konferenz Owend iwwer d' Fleegeversécherung
- Preparatioun Chrëschtfeier
- Divers

Helperknapp, 04/09/2024

**Nächst Sëtzung**

25 September um 19h00, warscheinlech am Veräin' s Sall zu Téinten

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.